RASSEMBLEMENT
29.06.2024
Joeren 1967 – 1992

Léif Kolleginnen an Kollegen,

Den 1. Rassemblement as riwer. Ech géif soen et wier alles sou wéit gut gelaf ausser e puer technesch Problemer. Ech hoffen et huet Iech alleguer gefall an Dir konnt e puer schéiner Stonnen mat Äeren Kolleginnen an Kollegen verbrëngen an Erënnungen un aal schéin Zaïten opschaffen.

Leider hat ech keng Zäit fir dat Ganzt selwer richteg ze geneissen an mat Iech alleguer kënnen vill ze schwätzen.

Mais ech huelen un dass jiddereen dat versteet. Et waren fir dësen Rassemblement 254 "ANCIENS" ugemeld an bal alleguer och do.

Awer ech muss soen, vun +/- 4200 déi ugepeilt waren (1967 – 1992).

*Ech soen en groussen **MERCI***

- *Iech alleguer, Offizéier, Ënneroffizéier, Militärmuseker, Zivilpersonal an eisen Zaldoten, eisen Meedercher an Jongen fir dass Dir mengem APPEL gefollegt sitt;*
- *Den Kollegen aus der Arméi an vum Comité vum SPAL fir hier Ënnerstetzung beim Oprichten, den Dag selwer beim Service um Comptoir, an beim Ofrichten vum ganzen Dispositif;*
- *Der CGFP an dem SNPGL fir hier Ënnerstëtzung beim APPEL*
- *Den Kolleginnen an Kollegen vun der Douane's- an Garnisounsmusek fir hieren musikaleschen Encadrement an den Concert Apero duerno;*
- *Mengen Assistenten fir technesch Ënnerstëtzung (J.HAMES), Photoreportage (C.KIEFFER) an Diaporamaen (B.WOLTER).*
- *Dem Buergermeechter, dem Schëffen-an Gemengerot vun der Gemeng Dikrich fir zur Verfügungstellung vun der Aaler Seeërei;*
- *Allen Leit aus den verschiddenen Gemengenservicer déi mir hier voll Ënnerstëtzung ginn hunn fir dësen Evenement kënnen ze organise'eren.*

Ech wënschen Iech alleguer virun all GUDDES, bei hoffentlech gudder GESONDHEET an Iech alleguer nach eng lang an schéin PENSIOUN (fir déi déi se schons hunn an fir déi déi se hoffentlech nach kréien).

Mat kamerodschaftlechen Gréiss
hei aus der Garnisounsstad DIKRICH

Patrick FRANTZ
Adjudant – Major Honoraire
Lëtzebuerger Arméi vun 1975 bis 2015
Sessioun Volontaires 31 (21.07.1975)
Eiërenpräsident vum SPAL an vum SPFP
Gsm: 691 860 928
E-Mail: frantzp@pt.lu
www.frenn-letz-armei.lu
Facebook: Frënn vun der Letzebuerger Arméi